Budgetsried vum JemP Weydert, déi gréng (15.12.17)

Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an Hären,

D'Presentatioun vum Budget soll der Ëffentlechkeet d'Zuele vum Budget erklären an d'Gemengefinanzen transparent maachen.

De Verglach tëschent de Budgeten ass dës Kéier méi schwéier wéi déi Jore virdrun, well

éischtens, d'Gemengefinanzreform vun der Regierung elo richteg wierkt an

zweetens, d'Majoritéit den 22. November en neie Programm presentéiert huet.

Mat der Reform vun de Gemengefinanzen huet déi aktuell Regierung de Verdeelungs-Schlëssel geännert an 90 Milliounen Euro méi an dat grousst "Dëppe" vum *Fonds de dotation globale des communes (FDGC)* gepaakt. D'Bedeelegung vun de Gemengen un de Salaire vun den Enseignante fält ganz ewech.

D'Gemeng Mamer ass ee vun de grousse Gewënner vun dëser Reform. Am ordinären *Budget initial 2018* mécht dat **e Plus vu ronn 4 Milliounen Euro** aus:

· U Gewerbesteier an Dotatioune wäerten ëm déi 1,5 Milliounen Euro méi Recetten ufalen.

. Mat dem Enn vun der kommunaler Bedeelegung bei de Gehälter vun den Enseignante falen zu Mamer ronn 2,5 Milliounen Euro manner Depensen un.

Och wann d'Bedeelegung um neie *Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS)* nach net bekannt ass - mir kruten elo just eréischt d'Modifikatioun vum Budget virgeluecht - **esou** kann een dach soen, **dass dës Finanzreform de finanzielle Spillraum vun eiser Gemeng op eng impressionnant Aart a Weis verbessert!** Den uerdentlechen Excedent vun 10,6 Milliounen Euro ass d'Resultat dovunner.

Am Tableau vun der Evolutioun vun den uerdentlechen Depense gëtt an der Presentatioun vum *Budget initial 2018* eng Diminutioun vun den Ausgabe vun 2,64% ugekënnegt. Dëst ass net falsch, verstoppt awer d'**Augmentatioun vun all deenen aneren uerdentlechen Depensen ëm +7,25%** par Rapport zu 2017.

	Libellé	Budget initial 2017	Budget initial 2018	Différence 2018/2017	Var. 2018/2017
0	Codes techniques				
1	Services généraux des administrations publiques	7 846 300,16 €	8 045 314,72 €	199 014,56 €	2,54%
2	Protection sociale	1 493 897,93 €	1 709 304,32 €	215 406,39 €	14,42%
3	Ordre et sécurité publics	767 990,00 €	783 500,00 €	15 510,00 €	2,02%
4	Affaires économiques	1 092 980,00 €	1 107 075,00 €	14 095,00 €	1,29%
5	Protection de l'environnement	2 839 200,19 €	3 052 327,28 €	213 127,09 €	7,51%
6	Logements et équipements collectifs	3 782 198,85 €	4 410 250,85 €	628 052,00 €	16,61%
7	Santé	63 500,00 €	28 500,00 €	-35 000,00 €	-55,12%
8	Loisirs, culture et culte	3 535 501,70 €	3 798 129,78 €	262 628,08 €	7,43%
9	Enseignement	5 435 137,61 €	3 212 182,04 €	-2 222 955,57 €	-40,90%
9	Participation enseignement fondamental	2 477 323,42 €	0,00 €	-2 477 323,42 €	-100,00%
9	autres	2 957 814,19 €	3 212 182,04 €	254 367,85 €	8,60%
		26 856 706,44 €	**26 146 583,99 €**	**-710 122,45 €**	**-2,64%**
	sans « Participation enseignement fondamental »	24 379 383,02 €	26 146 583,99 €	1 767 200,97 €	**+7,25%**

Dépenses ordinaires

Beim ***Impôt foncier*** gëtt fir 2018 eng méi kleng Recette erwaart ewéi am *Rectifié 2017*. Wéi ass dat ze erklären?

2/170/707110/99001	
Compte 2013	812 191,94 €
Compte 2014	836 345,21 €
Compte 2015	846 910,74 €
Compte 2016	853 777,59 €
Budget rectifié 2017	1 077 000,00 €
Budget initial 2018	960 000,00 €

Impôt foncier

Enn November gouf **den neie Schäfferotsprogramm** virgestallt. 169 nei Projete sollen et ginn. En etlech vun dësen neie Projete wäerte virun allem méi Zäit a manner Sue verlaangen. Trotzdeem misst de Gemengerot eng Opstellung vun de geschätzte Käschte kréie fir seng Kontrollfunktioun erfëllen ze kënnen.

E pluriannuelle Finanzplang, wéi och vun der Finanzkommissioun gefrot a mam Detail vun alle Projeten, **ass an deem Kontext en absoluten *Must*!** Leider huet de Schäfferot dëst Instrument viru Jore schonns ofgeschaaft. Dat muss sech am Sënn vu méi Transparenz nees änneren!

Esouguer de gesetzlech virgeschriwwene *Plan pluriannuel financier PPF* gëtt net wéi virgesinn am Gemengerot presentéiert.

Well also e Gesamtiwwerbléck feelt, hunn ech e puer Stéchprouwe gemaacht.

Feldweeër

Bei den Aarbechten un de Feldweeër ass mir opgefall, dass zwar ëmmer héich Beträg am Budget ugekënnegt ginn, mee a Wierklechkeet nëmmen zu engem klengen Deel ëmgesat ginn.

4/410/221313/99001				
Compte 2013	96 245,89 €	55,0%	du budget rectifié :	174 866,95 €
Compte 2014	7 802,98 €	7,8%	du budget rectifié :	100 000,00 €
Compte 2015	75 904,54 €	34,2%	du budget rectifié :	222 197,02 €
Compte 2016	66 298,88 €	45,3%	du budget rectifié :	146 292,48 €
Budget rectifié 2017	179 993,60 €	100,0%	du budget initial :	179 993,60 €
Budget initial 2018	150 000,00 €			

Travaux extraordinaires de mise en état de la voirie rurale

An der Moyenne goufen an de Joren 2013 bis 2016 genau 61 563,07 € investéiert. Dat si **just 38,3% vun deem wat an de Budgete virgesi war**.

Kläranlag

Zu der Kläranlag hunn ech iwwerhaapt keng Zuele fonnt. An der Schäfferotserklärung hu Dir, Här Buergermeeschter, déi als “Avant-projet” virgestallt. Mir konnten awer elo am Rapport vum SIDERO vum Juli 2017 liesen, dass de “Projet” schonns “finaliséiert” ass a Changementer net méi méiglech wieren.

Mir fannen also, dass et **héich Zäit** gëtt **fir de Gemengerot iwwert dëse Groussprojet a seng finanziell Konsequenzen am Detail an d’Bild ze setzen!**

Am Budget steet nëmmen den *Apport en capital au SIDERO pour diverses acquisitions*:

4/520/238120/99001	
Compte 2009	153 765,52 €
Compte 2010	340 152,35 €
Compte 2011	1 024 592,74 €
Compte 2012	221 444,25 €
Compte 2013	464 225,02 €
Compte 2014	244 260,00 €
Compte 2015	1 006 214,00 €
Compte 2016	323 436,11 €
Budget rectifié 2017	1 136 996,33 €
Budget initial 2018	2 155 838,00 €
	7 070 924,32 €

Apport en capital au SIDERO

Just beim Betrag vun 2011 gëtt ugemierkt, dass et d’Part vun der Gemeng Mamer zum *Bassin de rétention* zu Holzem ass. Fir wat sinn déi aner 6 Milliounen Euro gebraucht ginn?

Pacte Logement

D'Buchunge vum *Fonds de réserve pacte logement* ginn nach eng Kéier an der Circulaire vum Inneminister erkläert :

	Recettes	Dépenses
1/690/168 000/G/99001 Subvention de l'Etat dans le cadre du Pacte Logement	1 314 090,00 €	
4/690/291 500/Z/99001 Réserve Pacte Logement		1 314 090,00 €
1/910/292300/Z/99001 Enseignement fondamental	1 314 090,00 €	
4/910/... (Investissements pour l'enseignement fondamental)		1 314 090,00 €

Budget extraordinaire 2018

Déi staatlech finanziell Participatioun gëtt an de *Recettes extraordinaires* eng éischte Kéier am Budgetsartikel 1/690/168 000/G/99001 *Subvention de l'Etat dans le cadre du Pacte Logement* verbucht. Fir 2018 sinn do 1 314 090,00 € ageplangt.

Da gëtt dëse Betrag am Kapitel vun den *Dépenses extraordinaires* an d'*Réserve Pacte Logement* gebucht.

Dës Depense ass keng Investitioun, mee si speist d'Reserve!

De Schäfferot hëlt dës Suen all Joer direkt nees aus der Reserve eraus an esou bucht hie fir 2018 eng weider *Recette extraordinaire* vun 1 314 090,00 € op de Posten 1/910/292300/Z/99001 *Enseignement fondamental*.

Déi Sue stinn dann zur Verfügung fir d'Investitiounen am Schoulbetrib ze bezuelen.

Wéinst dëser duebeler Buchung ass den Totalinvest vun der Gemeng net esou héich ewéi den Total vun den *Dépenses extraordinaires*!

D'Dotatioun an de Fong vun der *Réserve Pacte Logement*, also fir 2018 déi 1 314 090,00 €, muss aus den Investitiounen eraus gerechent ginn.

Den Total vun den Investitioune fir d'nächst Joer bedréit deemno 14 220 365,79 €, an net 15 534 455,79 €.

Dëse corrigéierte Betrag muss een och huele wann een de Leit de Gesamtinvest vun enger Legislaturperiod virrechent.

Conclusioun

Deen neie finanzielle Spillraum, deen eis Gemeng duerch d'Finanzreform kritt, soll an eisen Ae prioritär fir all déi Beräicher genotzt ginn, déi bis elo vun dëser Majoritéit vernoléissegt goufen: d'Mobilitéit an d'Verkéiersberouegung, sozial Initiative virun allem awer bei wäitem net nëmme beim Wunnengsbau, Natur- a Klimaschutz, eng reell Participatioun vun de Bierger amplaz vun engem ëmmer méi Käschten intensive Marketing, asw asf.

Well dat bis elo net de Fall ass, kënne mir de Budget net mat droen.

Ech soen alle Beamtinnen a Beamte Merci fir déi opschlossräich Ënnerlagen an Iech fir d'Nolauschteren.